N° 8306
Entrée le 12.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Op der Website vun der ADEM kann een noliesen, dass am Prinzip all oppen Aarbechtsplaz bei der ADEM muss gemellt ginn:

> "*Gemäß der luxemburgischen Gesetzgebung und im Interesse eines funktionierenden Arbeitsmarktes muss jeder Arbeitgeber, der eine freie Stelle zu besetzen hat, eine Stellenmeldung bei der ADEM einreichen.*"

D'Ausschreiwung vun enger Plaz bei der ADEM ka souwuel fir Patronen, wéi och fir déi Aarbechtssichend, verschidde finanziell Virdeeler mat sech bréngen. Wann eng Plaz awer net bei der ADEM gemellt gouf, kënnen dës Virdeeler net geltend gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill oppe Stelle goufen an deene vergaangene 5 Joer (opgelëscht pro Joer) bei der ADEM gemellt?
2. Wéi huet sech d'Unzuel un oppene Stellen* bei der ADEM iwwert déi vergaangen 5 Joer entwéckelt (opgelëscht pro Joer, all Kéiers um Enn vum Kalennerjoer)?
   *(also d'Zuel vum bestoende Stock un Aarbechtsplaze minus d'Zuel u verschwonnenen/attribuéierte Stellen plus d'Zuel un Neiausschreiwungen)*
3. Wéi vill Affiliatiounen (Déclaration d'entrée pour salarié du secteur privé) goufen an deene vergaangene 5 Joer (opgelëscht pro Joer) bei der CCSS gemaach?
4. Existéiert eng Schätzung bei de Ministèren, wéi vill Plazen am Duerchschnëtt pro Joer net bei der ADEM ausgeschriwwe ginn an direkt besat ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten